Léw Elteren, Letzebuerg, den 14 Sept. 1975

Dir Dammen an dir Hären plätz dé zu E'ren vun
Komerodinnen a Freun, ouseren Unglécklechen an
Place des martyres en commémoration des
déportés, des enrôlés de force et de toutes les victimes du nazisme, ewgenannt gouw-
Fir't 2t hu mir ons hei am Rosegärtchen afond, fir
de Start zu ouser desjähreger journée Commémorative ze kucken. Dés journée
fieren mir elo zenter 1961 zu Esch, also fir't 15t ~~féieren~~, an ech denken
dass de Programm haut mé zéo'ert, an dénen nächste joeren dé
selwechte bleiwt. – Wann ech eso ronderem mech kucken, da gesinn
ech och zimlech dé selwecht Gesichter wé an all dëne vergangene joer, bis
op dé, dé d'lescht joer nach hei waren an dé elo d'Rei föllen, vun dénen un
dé mir ons haut erönneren. A wann ech d'Zuell eso schätzen vun
dénen dé hei sinn, kann ech net mat Secherhét soen, dass se mé kleng
ginn ass: au contraire et schéngt wé wann de Stack vun den enrôlés
mat hiere Freun a Sympathisanten dé emmer do sinn gleich grōss bleiwt.

An trotzdem! Wann ech bedenken dass mir ons haut
zesummen fannen zum Undenken an ~~zur~~ E'ren vun emmerhin 4.000
gudd Letzebuerger Kanner dé hirt Liewen fir d'Heimecht ginn hun, da
sinn eh der dach verhältnessméssig wéneg de hei sinn. Fir jiddereen
vun desen 4000 misst dach mindestens én Iwerliewenden nach
Zeit fannen fir sech senger hei öffentlech ze erönneren. Ech well
hei dat net machen wat de Paschto'er ~~mecht~~ a senger Priedegt
mecht wann en dé vernennt dé an der Kirch sinn fir dé dé fehlen.
An dach déht d'Herz mer déck wann ech mir de 4000 Unglécklech
virstellen, vo mé wé 2/3 haut keng Elteren, keng Geschwösster, keng
Frä, ké Komerod a Freun mé hun, dé an engem ganzen joer net
én Momentchen kennen fir hirt Undenken afferen! D'accord dass mancherén, dén hei fehlt oprichteg entschöllegt a verhonnert ass. Awer
mé ass et mat dénen honnerte vu Wittfräen, dé zwar noch hieren
gudde Recht sie'r bei Hand waren fir hieren Zóschloss zu hierer Rent
vom Gesetz vum 26 März 1974 ze touchéeren, mä awer haut net hei

sinn fir sech öffentlech zu dém ze bekennen dén se verluer hun. A wo sinn vill vun ouse Pensionnéeken? Dé ebenfals durch den Asatz vun den Zentral Comité'en an durch ärt alleguert Zesummenstoen an är Präsenz bei ousen Manifestatiounen et ageábel an hierer Täsch oder Bankkonto spieren. Et fehlt hei muncheren, dén zwar d'Komeroden vun ousen Sozialbüroén bedrängen an engem Komitésmember nom aneren den Telefon ofraffen fir no senger Rent ze reklaméeren, awer hei gesinn ech se net. Fir émol hei ze sinn, dofir hu si keng Zeit!

Et ass firt écht dass ech öffentlech dës Vergleicher erwähnen, net, wé ugangs scho gesot, fir iech hei irgend é Reproche ze machen. Mä fir éschtens iech émol den Ustoss ze ginn, d'Kolléginnen an d'Kollegen bei Gelekenheet ze froen, wo si dann eigentlech op ouser Journée dest Joer da waren. An zwéetens fir iech hei mé konkreet ze ennerstreichen wé oprichteg de Merci ass dén ech iech hei fir är Präsenz am Num vun dénen soen fir dé ech hei schwätzen. De Merci vun äre Komeroddinnen a Komeroden aus dem Fédératiouns an den Zentral Komité'en. De Merci vun allen enrôlés de force dé net mé kennen bei ous sinn, wé och de Merci vun den Elteren vun ousen onglécklechen Komeroden, dénen hir Zuell vu Joer zu Joer ~~oft~~ mé kléng gett.

Awer och all ouse Frenn, dé hei durch hir Präsenz hir Solidaritéit mat den enrôlés démonstréieren soe mir Merci. Merci der Press, Radio an Televisioun dé mat hire Moyé'en d'Oeffentlechkeet emmer erem iwert d'Aktiounen, d'Schaffen an d'Bestriewongen vun de fréieren Zwangsrekrutéierten informéieren.

Ous järlech Journée Commémorative ass ~~etso~~ ze soen d'Visite-kaart vun ouser Aktivitéit. Wann ous Memberen et net mé nohwendeg fannen fir an der Oeffentlechkeet durch hir Präsenz ze dokumentéieren dass sie nach wé for hannert hiere Fuerderongen stinn, dé durch de Fédératiounskomité verfecht ginn, da kenne sie net verlangen dass aner Leit a Generatiounen hir Probléémer lésen.

Lescht Joer wé ech hei vun ouse Fuerderougen a speziell iwert d'Ernännerén vum dommage de guerre Gesetz vun 1950 geschwat hun, war ech ziemlech optimistesch. Mir haten dunn kurz eng nei Regierong. Vun 8 Ministeren an 3 Staatssekretairen sinn der 6 vun ouse Joergäng. D'Majoritéit vun der Regierungsmannschaft war also zwangsrekrutéiert oder hätt et kennen sinn. An desem Fall muss sech dach all gewéinlechen Stierw-lechen soen, ous Chancen stinn besser wé jé. A wann dorzo', nach vun déisen reshlechen 3, zwer jénger wé mir, de Chef vun de Preisen zu Stalleck geschlaff gow an dén aneren e Brudder verluer huet, dén mir haut hei éeren dann hätt én dach missen erwarden dass des Equipe zu mindestens eng Lésong vun ousem Problèm oder mé richteg vun hirem Problem gew sichen. Mat desem Ulei'en as och den Federatiounskomité net un e' Minister oder un de Staatsminister erugetratt, mä un eng délégation vun der Regierong. A wé enttäuscht ken dir iech jo virstellen mir waren, aus dem Mond vun fréieren Zwangsrekrutéiert, haut Ministeren, ze héeren, di' Regierong déer sie ugehéieren, an an déer ~~d~~ enrôlés de force d'Majoritéit hun, des Regierung hätt an hierem Programm einfach net un dé wichtegste Problem vun den Zwangsrekrutéiert geduecht. A well an hirem Programm an desem Senn neischt virgesinn as dofir kennen a wöllen sie och keng Lésong sichen.

Är Dammen an är Hären

léiw Komeroodinnen a Komeroden,

Dat as di' jetzeg Situation !! Ons fréier zwangsrekrutéiert Komeroden, haut Minister, schingen neischt mé vun éngem zwangsrekrutéierten Problem ze wessen. Den Här Vouel huet gemengt et wär alles mam Gesetz vum 26 März 197~~4~~ an d'Reih gangen. A wé et schingt huet bei de Regierongsverhandlungen awer och guer kén mé eng Fro' iwert d'enrôlés de force opgeworf Esou'ner emol e Wohlfort net. Déjenegen di' jo awer sengerzeit vum Kiosk aus um Knuedeler Ons Jongen

eso vun den diskriminatiounen am dommage de guerre Gesetz iwerzeigt hätt dass ussteierend et Selerbelen beim Wort gowen an de Radio-knaff enger Besetzong entgangen ass. Déiselwechten déi elo jorzingte lang an der Chamber, Joer fir Joer, viraus gesat dass d'Sozialisten net an der Regierong waren, eng Lésong vum Zwangsrekrutierte Problem gefuerdert. Bei de leschten Koalisatiounsverhandlungen hätt also kén sozialistesche Ennerhändler ën einzeg Wuert iwert d'enrôlés fäll gelos. An dat trotzdem hiere Parteipräsident Antoine Wehenkel den 6 Mäi 1974 onser Fédératioun schreftlech versprach hat onsem Problem vun nationalem Interesse dé notwendeg Opmierksamkéit a Suergfalt ze widmen. A wirtlech schreiwt hén: "D'Sozialistesch
« Partei verpflichtet sich insbesondere von der Regierung, die aus
« den kommenden Wahlen hervorgeht, zu verlangen, dass die finan-
« ziellen und anderen Folgen, welche der Gesetzvorschlag nach sich
« ziehen werden, den sie im vergangenem März den Parlementariern
« unterbreiteten, durch eine tiefschürfende Studie untersucht
« werden, damit im Interesse der Zwangsrekrutierten eine berech-
« tigte, gerechte und endgültige Lösung so bald wie möglich er-
« folgen kann."

War dat also nemmen fir virun de Wahlen !! Mä domo, wann é bis an der Regierong ass, a spéziell wann é bis Minister ass, dann ass dat alles vergies. Da kann é sech awer och un absolut neischt mé erönneren !!

An och de Präsident vun der demokratescher Partei hat ons (wuell gewirkt virun de Wahlen) den 9 Mai 1974 geschriewen:
« Meine Partei erhebt keinen Einspruch dagegen, dieses Problem mit
« anderen politischen Formationen zu besprechen, und besonders mit
« jenen, die mit uns in eine Regierungskoalition einzutreten gedenken»
An elo ass dat alles eriwer!

De grossen neien Trend ass dén: No 30 Joer gett net mé vun dénen schrécklechen Joer geschwat. D'Naziverbriechen sinn vergiess! Ouser gudden Noper déseit der Musel zu Léiwt. Den 30ten Anniversaire vum Enn vum Krich an der deitscher Kapitulatioun huet eis Regierung net mé gefeiert. Och an Zukonft solle bei eis all Erronnerungsfeieren an dém Sënn emerbleiwen. Eso wé och a Frankreich de Giscard d'Estaing et géren hätt. A wien et nach net wösst de kont et a leschter Zeit vun onsem Staatsminister Gaston Thorn lechst perséinlech op der deitscher Television héieren a gesinn. Op d'Fro vum Tilo Koch op da keng Problemer mé teschent Deitschland a Lëtzebuerg genge bestoen, kount den Här Thorn sech absolut net mé un d'lëtzebuerger Fuerderongen aus der Zwangsrekrutéierong erönneren. An dest obschon hien just virdrun d'Zwangsanzéiong ernimmt hat a séier treffend bestätegt dass d'lëtzebuerger Jongen op de merderechst Platzen an de Fronten geféiert gowen. Nemmen eng Fuerderong un Deitschland huet Lëtzebuerg keng mé! A wat sinn da och schons d'Ureien vun Lëtzebuerg. Wichteg ass nom lëtzebuerger Staatsminister nemmen, dass Deitschland a Frankreich sech verdroen!

Dass zu Lëtzebuerg oft d'Wierder "Preis" oder "Loëre Preis" gebraucht ginn dat kount den Här Gast Thorn sech och de leschte Mettwoch op der preisescher Television net erönneren. An op d'Fro wohir a firwat desen Ausdrock hei gebraucht gett huet hien gemengt: Dat kent dach nemmen vun der preisescher Besatzong vun der lëtzebuerger Festong kommen.
Mä dass 14-18 d'Preisen schon mindestens fort zwéi Sauereien hei gemat hun.
Dass 1940 Lëtzebuerg nés éng Kéier vun dëne schwechten Merder iwerfall gow.
Dass dausende an KZ-ler an Déportatioun verschléft gowen.

Dass vun 12 000 Zwangsrekrutiert 3000 an de Fronten an an de Gefangenelager emkom sinn.
Dass mé wé 1000 Kreppelen a Kranker hei zu Lëtzeburg als Folgen vun engem barbareschen Naziverbriechen erem läfen
An dass all Dag an der Zeitong nés en enrôlé de force frézeitege gestuerw-en ass.

Dovunner schingt eise Staatsminister neischt ze wessen!
Dass d'Kriegs an Tré zeitege Reihen eise Staat an ouverdingter Weis de lëtzebuerge Steierzueller Milionen a Milarden kaschten.
Dass Deitschland trotz all dém sech weigert des Verbriechen als Naziverbriechen unzeerkennen an de entschiedegen

Dat alles huet ouse Staatsminister elo no 30 Joer komplett vergiess!

An dass dat alles den einfache Lëtzeburger, dé sech net op internationalem Parquet bewegt an dén sech net durch e Bundesverdienstkreuz käfe gelos huet, mä all Dag nach drun erönnert gett, an dass dén dann nach den Ausdrock "Preis" gebraucht, dat kann natierlech den Här Thorn sech net mé virstellen.

Wé mir vun Deitschland eng Entschiedegong fir d'Zwangsrekrutéierong verlangt hun, dunn huet den Här Aussenminister Thorn virun Joeren vun Bonn matbruecht dass domatt e Présédenzfall geschafe géw an d'Ostlänner kennten dat selwecht verlangen.
A wé ass et haut?

Jugoslawien krut hech a bölleg Krediter
Ungarn krut 100 Milionen DM.
Tschechen an Israël gowen entschiedegt
an och elo Polen : 34,5 Milliarden lëtzeburger Frangen!

Mä 300 Milionen Frangen fir Lëtzeburg di waren net drun.
Elo wär dann de Moment do wo ousen Aussenminister des Présédenzfäll misst geltend machen. Awer gleiwt nach i'vun ous un de Kléren!

Dach, bei den nächste Wahlen an esouguer bei de Gemengewahlen erönnert muncher'én sech nés un d'enrôlés de force. An mir, enrôlés de force ginn nét gudd frei wielen a stömmen, fir hernoe weidere Foss kanne bei ze bréen!

Jo, léiw Komeroden eso ass et!

Durch d'Stellongsnahm vun ouser Regierong sinn d'Arbechten vum Federatiounskomité blockéiert ginn. Wé annoncéiert mussen ous Délegéiert an enger aussergewéhnlecher Assemblée Générale ous Positiounen frésch festléen an den Zentral Komitéen en neien Mandat ginn. Des Assemblée Générale ~~fend~~ ass e Samschdeg den 27 September um ½ 4 am Pole Nord bei an der Stadt ~~statt~~.

Eng gross Verantwortung leit op hiere Schölleren!

Engersech hu mir all dé Onglécklech déne mir versprach hun sie net ze vergiessen a fir e Letzeburg frei an onofhängeg am Senn vun hirem Affer anze stoen. Anerseitz ~~hu~~ mir eng emmer mé gross Tendenz dé alles wöllt vergiessen an net mé erönneren. Nemmen nach Europa zehlt, letzeburger Fuerderongen an eng gemarkert, krank a kreppel Generation kann zum Deiwel goen. Dé Leschten ass dach no e puer Joer begrueven.

An dach hu mir ké Recht opzeginn. Kén entbend ous vun ousem Engagement a Verspriechen. Mir mussen éierlech an oprichteg de Komeroden bleiwen dé mir a schwéeren Zeiten gowen. A wann och alles géngt ous schwaëze géw. An och wann eng Regierong dé zur Majoritéit aus fréieren Zwangsrekrutéierte bestéht de Problem vun den enrolés de force begruewe wöllt. Mir mussen trei bleiwen dénen dé mir kaum éeren. Trei dénen Kanner, Pappen, Geschwöster, Komerodinnen a Komeroden dé hirt Liewen fort Heémecht ginn hun. Ous Komeroden aus den Zentral Komitéen dierfen d'Kreppelen net bei Tromm werfen. Mir mussen solidaresch zesummen stoen bis Gerechtegkeit allen Affer vum Nazismus wieder fuer ass. An an dém Senn muss d'~~Journée~~ Journée Commémorative bestoen ~~bleiwen~~ bleiwen. Och wa mir nemmen mé zu 6, 3 oder 2 sinn.

Vive d'Journée vun den enrôlés de force !!